GRÉNGT BLAT 2025

déi gréng Mamer

Léiw Matbiergerinnen a Matbierger vun der Gemeng Mamer,

Mat dëser neier Editioun vum grénge Blat profitéiere mer fir iech iwwer eis Aarbecht als gréng Vertriederinnen am Mamer Gemengerot ze informéieren. Zesumme mat eiser engagéierter Lokalsektioun setze mer eis weider fir eng liewenswäert, nohalteg a solidaresch Gemeng an.

Adèle, Georgia an Djuna

ÄR GEMENGERÉITINNEN

DJUNA BERNARD

ADÈLE SCHAAF-HAAS

GEORGIA DROSOU

3 FROEN UN EIS DEPUTÉIERT DJUNA BERNARD

Wéi hues du dech an denger neier Roll an der Chamber agelieft?

Majo ganz gudd eigentlech – mir si leider zu manner an dat bedeit natirlech dass ech eng Reih méi Dossieren suivéieren. Insgesamt sin dat : Edukatioun, Soziales, Kultur, Aarbecht, Santé, Medien an d'Fonction publique. Et mëscht mer Freed fir mech an déi nei Themen eran ze schaffen, wéi zum Beispill an de Gesondheetsberaich – wou ech Aktzenter wëll am Thema Mental Gesondheet a Fraespezifesch Gesondheetsthemen setzen.

Wéieng grouss Themen stinn an de nächsten Méint bei dir un?

Dee gréisste Sujet wäert wuel d'Pensiounsreform ginn. Hei fennt jo landeswait eng gréisser Debatt statt, an och d'Parteien sollen hier Proposen op den Dësch leen. Fir mech ass hei kloer: mir brauchen e staarken öffentlechen Pensiounssystem – deen der Altersarmut entgéint wierkt an och dee groussen Ecart tëscht de Pensiounen vu Männer a Fraen verklengert. D'Thema „generatiounegerechtegkeet" ass natirlech och hei ganz wichteg – an ech probéieren d'Stëmm vun der Jugend hei ze vertrieden.

A wéi erliews de d'Ennerscheeder tëscht nationaler a kommunaler Politik?

Mir hëllefen emmer rem Beispiller aus der Praxis hei vu Mamer wann mer a Kommissiounen diskutéieren – zum Beispill bei den Themen Kultur oder Schoul a Betreiungsstrukturen. Glaichzaiteg gesin ech och Widderspréch: national gett dozou opgeruff méi op Wandenergie, abordabelen Logement oder méi Solidaritéit am Accueil vu Geflüchteten ze setzen, dëss Apeller schéngt d'Mamer CSV-LSAP Majoritéit awer léiwer ze ignoréieren.

BUDGET 2025
D'POSITIOUN VUN DÉI GRÉNG

Déi gréng hu beim Vote vum Budget 2024/25 virun allem op déi desaströs Finanzpolitik opmierksam gemacht, well eis Gemeng matt enger Verscholdung vun 125 Milliounen eng Rekordverscholdung opweist, an domadder op der éischter Platz ass wat Prokappverscholdung zu Lëtzebuerg betrëfft.

Dobäi huet des Majoritéit keen Usaz vu Spuerpolitik am neie Budget virgesin an de Rhythmus vun den Ausgabe bleift ze héich : wou bleift Verantwortung fir di kommend Generatiounen?

D'Strategie fir de Scholdebierg an de Gréff ze kréien läit an der Kontinuitéit vun engem héiche Wuesstum vu 4% vun der Mamer Populatioun am Verglach zu 1,6 % am nationalen Duerchschnëtt: mir hunn däitlech gemaach datt dëst ee groussen Impakt op déi néideg Infrastrukturen huet (Schoul- a Sportsgebaier, Maison Relais) woubäi mir elo schonn net méi nokommen.

Dës rasant Entwécklung vun den Awunner bréngt weider Problemer matt sech wéi d'Versigelung vun Terrain'en, méi Verkéier a vergréissert den akute Manktem un abordabele Wunnengen.

Dobäi huet déi aktuell Majoritéit och dëst Joer keng laangfristeg an nohalteg Konzepter opzeweisen fir dem Impakt op d'Natur an de Klima entgéint ze wierken: zb.konkret Moossnamen fir eis dem Wandel vum Klima unzepassen (Schutz géint Iwwerschwemmungen) an ee kohärent Mobilitéitskonzept, dëst virun allem fir Kanner a Jugendlech.

No Jore laangen Etude fir Wandrieder an eiser Gemeng opzeriichten, gëtt elo erëm en néie Site analyséiert a wäertvoll Zäit geet verluer. Dëst gëllt och fir d'Schafe vun abordabele Wunnengen. Och zu Mamer feelt et un deenen , och hei si keng Proposen am Kader vum Budget gemaach ginn.

Aus dëse Grënn hunn déi gréng géint de Budget gestëmmt, awer net ouni Viirschléi ze maachen, dëst a Form vu Motiounen déi mir dem Gemengeroot zur Ofstëmmung virgeluecht hunn.

DÉI GRÉNG MAMER AM GEMENGEROT VILL IDDIEN A PROPOSE FIR D'GEMENG MAMER

An de vergaangene Méint hu mer vill Proposen am Gemengerot gemaach. Leider huet d'Majoritéit déi ganz oft verworf, zerriet oder staark oofgeschwächt. Hei en Iwwerbléck vun eisen Themen:

Ofgeleent:

- Méi Fachpersonal am Beräich Klima- a Natur-schutz esou wéi am Logement astellen.
- Eng besser Integratioun vun alle Matbierg-erinnen a Matbierger an eiser Gemeng.
- Verantwortung bei der Opnam vu Geflüchteten iwwerhuelen.
- Engagement fir den Ausbau vun der Tramsstreck tëscht der Staat Lëtzebuerg a Mamer.
- E kohärente, schnellen a séchere Vëlosreseau an eiser Gemeng.
- Kreatioun vun alternativ Wunnformen am Kader vum Pacte Logement 2.0.
- Eng virbereedend Aarbechtssëtzung vum Gemengerot virum Dépôt vum Budget (gemeinsam Motioun mat der DP).

En suspens:

- Lancement vun engem Pilotprojet am Beräich vun der Agro-Forresterie.

Acceptéiert:

- Alternativ Plazen an der Gemeng fir sech ze bestueden oder ze pacs'en.

GEORGIA DROSOU

GEORGIA DROSOU ASS SÄIT DEM 22 JANUAR 2024 MEMBER VUM GEMENGEROT.

D'GEORGIA STELLT SECH VIR :

Ech heesche Georgia Drosou a si Griichin. Well ech elo scho méi laang zu Lëtzebuerg (zënter 1990) liewe wéi a mengem Heemechtsland, fannen ech datt d'Bezeechnung "Expat" net wierklech zoutrëfft. Ech hu mech hei wierklech ganz séier doheem gefillt an ech hunn all déi Elementer appreciéiert, déi mech deemools motivéiert haten, fir mech "am Häerz vun Europa" nidderzeloossen. An dobäi hat ech missen en "Dramberuff" verloossen: ech wor Archeologin an hat fir de Kulturministère geschafft, an engem Service deen all Joer e puer Ausstellungen am Ausland organiséiert huet. Mee mäin aneren Dram, vir a méi engem multikulturellen a méisproochege Land ze liewen, wor méi staark. Wéi ech du bei engem Concours bei der EU ugeholl gouf, hunn ech net laang gezéckt.

Zënter hier si 35 Joer vergaangen: ech hunn hei mäin dänesche Mann kenne geléiert a mir hunn 3 Jongen. Ech hat eng herrlech an interessant Carrière bei der europäescher Kommissioun, si reegelméisseg tëscht Lëtzebuerg a Bréissel gependelt a krut Experienz an der Iwwersetzung, am Beräich vu Kommunikatioun, Ressources humaines, Formatioun, Evaluatiounsmethoden an Analyse.

Kuerz éiert ech a Pensioun gaange sinn, hat ech d'Éier fir vun déi gréng Mamer invitéiert ginn ze sinn, fir mat an d'Gemengewalen ze goen. Am Januar 2024 sinn ech dunn an de Gemengerot komm an zënter hier dinn ech mäi Bescht fir de System ze verstoen an déi gréng an déi aner Net-Lëtzebuerger vu Mamer ze vertrieden. Ech schwätze 7 Sproochen awer net Lëtzebuergesch, an dat huet fir mech eng grouss Ustrengung bedeit – besonnesch am Ufank - fir an de Versammlungen nozekommen. Mäi Verständnis huet sech zënter hier awer verbessert. Ee Joer méi spéit kann ech soen datt et der Méi wäert ass, fir dës Erfarung ze maachen: ech hunn eng Parallelwelt kenne geléiert, hu sympathesch an interessant Leit kenne geléiert, nei Frëndschafte fonnt an de Fonctionnement vun enger Gemeng besser verstan. All déi, déi eventuell och drun denken, fir dëse Schrëtt ze maache kann ech nëmmen encouragéieren!

Ech sinn haaptsächlech engagéiert an der Kommissioun vum Vivre Ensemble Interculturel, där hiert Ziel et ass fir d'Kontakter an d'Verständnis tëscht deene verschiddenen Communautéiten zu Mamer ze förderen. Mir wäerten deemnächst verschidden Aktioune starten iwwert déi mir iech iwwert déi verschidde Kanäl wäerten informéieren.

MERCI MIM
MOIEN DJUNA

No ville Joeren un der Spëtzt vun déi gréng hu suwuel de Mex Federmeyer (2024) wéi d'Mim Bernard (2025) hiert Mandat als Co-présidence vun déi gréng opgehal. Mir soen hinnen e grousse Merci fir hiert Engagement an där laanger Zait.

D'Djuna Bernard huet op der Assemblée générale vun 2025 d'Présidence vun der Lokalsektioun iwwerholl.

Och du wëlls eppes an denger Gemeng beweegen?

Du wëlls eng méi nohalteg, gerecht a liewenswäert Gemeng? Mir schaffen drun! Wanns du Loscht hues eis kennenzeléieren, oder en Deel vun der grénger Ekipp ze ginn, da mell dech op mamer@greng.lu

Tu veux t'investir dans ta commune ?

Tu veux une commune durable et agréable à vivre? Nous y travaillons! Si tu veux nous rencontrer ou faire partie de l'équipe verte, n'hésite pas à nous contacter sur mamer@greng.lu

Want to make a difference in your municipality?

You want a more just, and sustainable municipality? We are working on it! If you want to get to know us, or to become part of our team, then get in touch via mamer@greng.lu

GËFF OCH DU GRÉNG!
TOI AUSSI DEVIENS VERT.E !
YOU TOO, BECOME GREEN!

www.greng.lu/member

FLOUMAART

MARCHÉ AUX PUCES | FLEA MARKET

Sonndes | Dimanche | Sunday + SECOND HAND

06.07.2025 | 11-16h00

beim Mamer Schlass

1, Place de l'Indépendance, L-8252 Mamer

Fir lessen a Gedrénks ass gesuergt
Restauration sur place | Food and drinks are provided

Wann dir wëllt en Dësch reservéieren (5€) fir de Verkaf vun ären Objeten oder Kleeder, maacht eis e mail op mamer@greng.lu mam Betreff: „Floumaart" bis den 23.06. Nëmme fir Privatpersounen!

Si vous souhaitez vendre vos objets et/ou vêtements, vous pouvez réserver votre table (5€) en nous écrivant un e-mail à mamer@greng.lu avec l'objet : « Floumaart » avant le 23 juin. Pour les particuliers uniquement !

If you want to sell your stuff and/or clothes, you can reserve your table (5€) by writing us an e-mail to mamer@greng.lu with the subject: "Floumaart" before 23.06. Only for private people!

LU17 1111 1127 9177 0000 CCPL
Déi Gréng Gemeng Mamer

déi gréng Mamer
mamer@greng.lu

MAMER.GRENG.LU

Mamer déi gréng